ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

D'Pläng vun der Regierung gesi vir, datt bis 2030 hei am Land 49 Prozent vun den Autoen Elektroautoe solle sinn, eng Quot, déi impliziéiert, datt (bei 435.000 Autoen zur Zäit, dovu 4.900 elektrescher) an den nächsten néng Joer 260.000 Autoen duerch E-Autoen ersat misste ginn. Dat impliziéiert och, datt bis 2030 insgesamt 26.000 Luedstatiounen hei am Land missten installéiert ginn (Source: „Die Elektroinsel Luxemburg" vum Marco Meng, LW vum 13. Abrëll 2021).

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wat fir Mesurë plangt d'Regierung, bei am Moment knapp 500 Luedstatiounen hei am Land, fir bis 2030 26.000 Luedstatiounen hei am Land ze installéieren?
2) Denkt d'Regierung drun, fir am Kader vun hiren ambitiéise Pläng, wat d'Zuel vun den Elektroautoen hei am Land bis 2030 ugeet, och mat deenen ze schwätzen, déi direkt vun dëser Ëmstellung betraff wäerte sinn, an éischter Linn dem ACL, der FESS (Fédération des exploitants de stations-service du Luxembourg) an dem Garagisteverband FEDAMO?
3) D'Regierung huet viru Kuerzem signaléiert, datt si am Gespréich ass mat der EU, fir datt de Staat den Entreprisë finanziell bei der Installatioun vu Luedstatiounen hëllefe kann. Ginn et an deem Kontext scho Resultater?
4) Wéi gedenkt d'Regierung an deenen nächste Joren d'Leit dozou ze beweegen, E-Autoen ze kafen, wann een a Betracht zitt, datt dës Technologie sech sou rasant entwéckelt, datt den Elektroauto vun haut an zwee Joer vun der Entwécklung scho sou depasséiert wäert sinn, datt d'Notzer hiren Auto dann net méi verkafe kënnen?
5) Wat fir Pläng huet d'Regierung, fir sécherzestellen, datt an Zukunft net nëmme genuch Stroum fir d'E-Autoen zur Verfügung steet, mee virun allem genuch „gréngе Stroum"?
6) Wéi wëll d'Regierung verhënneren, datt an Zukunft den Undeel vun de Grenzgänger, déi all Dag mat Autoe mat Verbrennungsmotor an d'Land kommen, däitlech iwwer der Norm (49 % E-Autoen) läit?

7) Wat fir Konsequenze gedenkt d'Regierung ze zéien, a wat fir Moossnamen ze huelen, wann den Undeel un Elektroautoe wäit ewech vun de Regierunsziler bleift, z.B. wann am Joer 2028 nëmmen 20% vun de Gefierer Elektroautoe wieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**